



Affilié :

au Syndicat Professionnel de la Force Publique (S.P.F.P.)  
à la Confédération Générale de la Fonction Publique (C.G.F.P.)

## **Alles a Moos an am Aklang mat der Personaldecken!**

Lëtzebuerg huet gewielt!

Lo wou d' Koalitiounsverhandlungen tëscht der CSV an der DP am gaange sinn, ass et dem SPAL en Uleies, deenen zwou eventuelle Regierungsparteien seng Haaptdeolance virzedroen. De SPAL fuerdert déi zwou Parteien op, dësen am Koalitiounsaccord Rechnung ze droen an zu hiren Inhalter am Walprogramm ze stoen!

Dofir fuerdert de SPAL dass am zukünftege Koalitiounsaccord folgendem Rechnung gedroe gëtt:

- Schafe vun engem eegestännege Ministère;
- D'Mise en Place vun engem onofhängege Kommissär deen tëscht der Défense/Arméi, dem Parlament an der Regierung agéiere kann an Uspriechpartner fir d'Membere vun der Arméi ka sinn am Fall vu Problemer an/oder Konflikter;
- Eng strukturell Moderniséierung vun der Arméi am Aklang mat der Gesellschaft an internationalen Erausforderungen, virop eng Führungskultur déi dem soziale Wandel entsprécht;
- Beim Rekrutement, verlaange mir e konsequent politescht Engagement. Dëst fir de Personalmangel an der Arméi unzegoen an dat an alle Beräicher. Dozou gehéiert och dass mir a verschidde spezifeschen Nischen nei Weeër aschloen;
- Diziplinsgesetz moderniséieren an der haiteger Zäit upassen;
- Eng Analyse vum aktuellen Arméisgesetz maachen an déi néideg Amendementer deposéiere fir och dem Art.115 aus der Constitioun Rechnung ze droen;
- **Den Accord Salarial vun der CGFP anhalen an ëmsetzen, dozou gehéiert d'Ofschafe vum Bewäertungssystem an der ganzer Fonction publique. An deem Sënn muss och den Art.32 aus dem neien Arméisgesetz gestrach ginn;**

- Eng Opwärtung a Reform vum Zaldotestatutt. D' Aféiere vun der Carrière C2 fir dës Berufsgrupp. Dëst géif Stabilitéit an Attraktivitéit schafe mat enger fairer Bezuelung a korrekte Perspektiven am Job;
- Eng détailliert Analyse vun den Effektiver, dem Material an den Infrastrukturen déi fir de BE/LU Batailloun noutwendeg wäerte sinn.
- Diskussioun iwwert eng Reserve-Arméi lancéiere fir z.B am Fall vun nationale Katastrophen oder enger noutwendeger erhéichter Präsenz den Effektiv kënne wuessen ze loossen.
- Analyséieren ob Synergien mam CGDIS duerch eng bivalent Unitéit mat ziviler a militärescher Vocatioun kënne realiséiert gin.

De SPAL géing et begréissen zu deene Punkte gehéiert ze ginn an ass zu all Moment bereet fir weider Explikatiounen ze liwweren.

Matgedeelt vum SPAL, de 30 Oktober 2023

„Link“ ob de Froekatalog un d' Parteien am Viirfeld vun de Wahlen.

